N°2004
Entrée le 03.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Am nationalen Klima- an Energieplang ass festgehalen, dass bis 2030 all RGTR-Busser sollen elektresch ugedriwwe sinn. D'Regierung huet sech am Koalitiounsaccord zum PNEC bekannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Busser fueren aktuell ënnert dem RGTR?
2. Wéi huet d'Elektriséierung vun der Busflott am RGTR sech an deene leschte 5 Joren entwéckelt, opgelëscht pro Joer?
3. Wéi soll sech d'Elektriséierung vun der Busflott am RGTR an deenen nächste 5 Joren, opgelëscht pro Joer, entwéckelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten